



Esch-sur-Alzette, den 30. Juni 2026

ACEL – de Studentevertrieder
2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

Objet : De Studentebal 2026

Déi 25. Editioun vum groussen Open-Air Studentebal!

D'ACEL (Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois) organiséiert dëst Joer déi 25. Editioun vum traditionelle "De Studentebal". Zënter 2001 organiséiert d'ACEL dëse Bal an Zesummenaarbecht mat senge Membercerclen. Mëttlerweil ass "De Studentebal" eent vun de gréissten Evenementer am Land an ass dee gréissten Open-Air Studentebal zu Lëtzebuerg mat fir gewéinlech ronn 4500 Visiteuren.

Déi ganz Organisatioun vum Event gëtt duerch de Comité vun der ACEL geplangt an zesumme mat de Cerclen, Ancienen an der Amicale vun der ACEL, déi um Bal deelhuelen, duerchgefouert. Mir fannen, dass d'Konzept vun der immenser Variatioun u Gedrénks a Cercles-Kultur dëse Bal zu eppes ganz Besonneschem mécht an et dofir derwäert ass, De Studentebal net ze verpassen! D'lescht Joer war de Bal mat ronn 4200 Visiteuren e vollen Erfolleg. Un der dësjäreger Editioun huelen insgesamt 31 Cerclen vun der ACEL deel, dovun bidden 30 Cerclen e Cercle-spezifesch Cocktail un an ee Cercle versuergt all d'Gäschte vum Studentebal mat lessen. Dëst Open-Air Event bitt Schüler:innen a Student:innen d'Méiglechkeet, bei hoffentlech guddem Wieder, hir Kolleg:innen erëm ze gesinn an e schéinen Owend mat hinnen ze verbréngen, éier si nees zréck an hir Studiested mussen.

De Gewënn vum Event geet integral un d'Cerclen déi um Bal deelhuelen an hëllef. Dës finanziell Ënnerstëtzung ka soumat fir Aktivitéiten während dem Joer genotzt ginn an d'Keess vum Cercle fëllen, esou dass de Student:innen an deene verschidde Stied nach méi ugebuede ka ginn.

Freides, den 3. Juli 2026 um 20 Auer start déi 25. Editioun vum "De Studentebal" op der Wiss niewent dem P&R Bouillon zu Hollerech. Vun 20 bis 22 Auer gëtt et, wéi all Joers ërem, eng Happy Hour.

Fir d'Stëmmung am Zelt suergen dëst Joer als Main-Acts den DJ Davo an den DJ Spyn, an als Warm-up den DJ Bluesound. An der Schlager Lager bréngt den DJ Hofmeister d'Leit op hir Käschen!

Ganz nei dëst Joer sinn:

Éischtens gëtt et een ACEL Schlagerlager, déi och Schlager an Après-Ski Fans op hir Käsche komme léisst, an zweetens déi eng oder aner Iwweraschung fir den 25. Anniversaire vum traditionelle "De Studentebal!"

ACEL - Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois asbl

contact@acel.lu
www.acel.lu

Tel.: (+352) 20 60 84 84
Facebook Instagram YouTube Twitter /acelluxembourg

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

(+352) 20 60 84 84 - 1 | Président-e
(+352) 20 60 84 84 - 3 | Vice-Président-e Regroupement

 **SPUERKEESS**
Partenaire officiel

De Präis vum Ticket am Virverkauf leit bei 12€ an 16€ an der Oueskeess.

Detailer iwwer de Virverkauf a weider Informatiounen fannt dir op Facebook, Instagram an um Internetsite studentebal.lu.

Mattis NOËL

President

mattis.noel@acel.lu

+352 2060 8484 - 1

Félix MERTENS

Vize-President Regroupement

felix.mertens@acel.lu

+352 2060 8484 - 3

